

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 19. September 2022

Här President,


Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës **urgent Fro** un den Här Minister fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

Laut engem Artikel haut op wort.lu soll den aktuelle Generaldirekter vun der Luxair säi Posten an de kommenden Deeg ofginn, fir uschléissend CEO vu Lux-Airport ze ginn.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechte stellen:


- Kann den Här Minister déi uewe genannten Informatiounen aus der Press confirméieren ?
- Wa jo, wéi begrënnt den Här Minister d'Decisioun, fir déi betreffend Persoun mat der Leedung vu Lux-Airport ze chargéieren?
- No wéi enge Krittären ass dee Choix getraff ginn?
- Gouf et am Virfeld en „Appel à candidatures public“?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.



Gilles Roth

Co-Fraktiounspresident



Serge Wilmes

Deputéierten